NEWSLETTER

MLGREEN ËMWELTGRUPP

Februar2022

zënter 2018

Mini-Greenday 2021

Fir eise Schüler d'Thematik vun der Nohaltegkeet méi no ze bréngen, huet den MLGreen de **17. Dezember 2021** op e neits de Green-Day fir eis 6ièmen organiséiert.

10 Klassen vum MLG hunn de ganze Moien u verschiddene Workshops zum Thema Ëmweltschutz, Mobilitéit, nohaltege Konsum an Déiereschutz Deel geholl.

Nieft dem MLGreen hunn och **6** verschidden Organisatiounen:
SIAS, Superdreckskëscht, Seashepherd, ProVelo, Caritas, Greenpeace
gehollef eise Green-Day ze gestalten.

Earth Overshoot

Eng Welt geet net (méi) duer

Als „Overshoot Day" gëtt deen Dag vum Joer bezeechent un deem d'Demande vun de Ressourcen, d'Offer an d'Kapazitéit zur Reproduktioun vun dëse Ressourcen depasséiert.

Fir d'Joer **2022** wier dat fir **Lëtzebuerg** schonn de **14. Februar!**

Den **Dag vum Bam** ass en internationalen Dag, deen 1951 vun de Vereenten Natioune beschloss ginn ass. En soll op déi wichteg Bedeitung vun de Beem souwéi op hire positiven Afloss op eist d'Klima opmierksam maachen.

D'**ACTPA Eise Gaart** huet fir dës Iddi ze ënnerstëtzen en **Äppelbam** bei eis an de **Schoulhaff** geplanzt!

www.naturemwelt.lu

Green-Challenge

Mir invitéieren op eis **„Green-Challenge“** vum Mount

Shopping zu Maacher

Wann och dir wëllt är Verpackungen beim akafe reduzéieren an dir iech fir nohalteg Ernierung interesséiert, dann gitt eng kéier an de Butték **GreenDate** zu Maacher luussen.
Hei gëtt et eng ganz Panoplie vu biologeschen an fair gehandelte Produiten déi ee **verpackungsfräi** ka kafen.

ACTPA MLGreen

Unsere Videos über Nachhaltigkeit auf dem MLG YouTube Kanal

SCAN ME

CLICK!

An der ACTPA vum MLGreen huet de **Benjamin** 2 flott **Video'en** zesummegestallt fir d'Nohaltegkeet u sech an awer och e nohaltegt Verhalen an eiser Schoul ze thematiséieren.

Green Living Tipp vum Mount

Eng **nohalteg Sichmaschinn** um Computer benotzen.

D'Sichmaschinn **Ecosia** bitt eng flott **Alternative**, déi vun de Recetten vun de Sich-Annoncen **Beem** uplanzt.

Loscht op Good & Kindly NEWS?

Hei fënns du 2 Siten mat nëmme **gudde Noriichten**.
Vill dovunner hu mat Ëmwelt ze dinn, mee et fënnt een och vill aner interessanten Themen. Also eng Opmonterung fir jiddereen, deen et haut brauch!

www.livekindly.co
“We're firm believers in being the change we want to see in this world.”

www.goodnews.eu
“Your daily dose of optimism.”

mlgreen@mlg.lu